N°1823
Entrée le 22.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Den däitsche Grupp vu Journalisten *STRG_F (Suchen und finden)* huet bei eegene Recherchen op Telegram schockéierend Gruppe fonnt, wou sech doriwwer ausgetosch gëtt, wéi ee Frae betäuben a vergewaltege kann.

Et ginn Dokumentatioune vu Fotoen, Videoen an och Guiden, wéi een esou Mëttel hierstelle kann. Géigesäiteg stachelen sech d'Useren an deene Gruppen un a bidden och hir eege Frae fir esou Strofdoten un. An de Recherchë sinn d'Journalisten dobäi och op e sougenannt K.O.-Mëttel getraff, wat als Mëttel fir d'Hoerfleeg getarnt gëtt, awer Substanze wéi Medetomidin, Flualprazolam oder och Scopolamin enthält.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Ministère Kenntnis vun dëse Virgäng a ginn et spezifesch Konsequenzen zu Lëtzebuerg wat Sensibiliséierung, Kontroll an och de Suivi vun dëse Virgäng ugeet ?
2. Wéi huet sech d'Unzuel u Vergewaltegungen an de leschte 5 Joren entwéckelt?
3. Ginn et Informatiounen oder Estimatiounen zu der Donkelziffer bei de Vergewaltegungen?
4. Sinn et an de leschte 5 Joer Fäll vun net legale Betäubungen ginn, déi der Police gemellt goufen? Falls jo, wéi huet sech dës Zuel entwéckelt ?
5. Op Nofro beim däitsche Justizministère gëtt erkläert, dass d'Betäubungen an déi uschléissend Vergewaltegunge Strofdote sinn. D'Strofgesetz an Däitschland (Artikel 131) gesäit och Prisongsstrofen vir, wann eng Persoun *"einen Inhalt […], der grausame oder sonst unmenschliche Gewalttätigkeiten gegen Menschen oder menschenähnliche Wesen in einer Art schildert, die eine Verherrlichung oder Verharmlosung solcher Gewalttätigkeiten ausdrückt oder die das Grausame oder Unmenschliche des Vorgangs in einer die Menschenwürde verletzenden Weise darstellt[…]."*

   Zur grousser Erstaunung erkläert den däitsche Justizministère awer, dass de Besëtz an d'Deele vu Vergewaltegungsvideoen keng Strofdoten wieren. Et ass och net geplangt, fir dëst z'änneren.

Ass de Besëtz an d'Deele vun den uewe beschriwwene Videoen zu Lëtzebuerg strofbar? Falls net, ass geplangt dëst ze änneren ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

www.piraten.lu